

Allocution 2020

Léif Memberen vun Amitié Am Sand Amizero asbl

Léif léif Donateuren a Frënn vun eiser ONG

Dier Dammen an dir Hären aus dem Scheffen- a Gemengeroot vun der Gemeng Nidderaanwen, a Verrieder vun de verschiddeenen Kommissiounen,

Léif Kollegeen aus der Schoul Am Sand

Léif Alleguer,

Am Numm vun eiser ONG Amitié Am Sand Amizero begréissen ech Iech ganz härezech op dëser eppes spezieller Editioun „20-20“ vun eiser alljähreger AG...

Mir hunn ewéi di meeschten Associatiounen den agekënnegten Datum missen e puermol COVID-bedéngt verschieben, an et blouew bis zum Schluss spannend, ënnert wéi enge Konditiounen se iwwerhaupt kéint stattfannen.. Eis AG fënnt awer dofir op engem mir ganz speziellen Dag statt, well de 24. September ass WeltGorillaDag! Et solle jo keng Zoufäll ginn...

Dofir, d'2020... e ganz besonnegt Joer, vun deem scho geschwat gouf, wéi mir eis Aktivitéiten am Ruanda ugefaangen hunn.

2010... Viru genau 10 Joer sinn ech fir d'éischt mat eiser deemols nach net agréierter ONG an de Ruanda gereest, a säitdem nët mi ganz heemkomm. Deemols hu mir de CS Amizero ënnerstëtzt a si mat oppenen Arm am District ëmfaange ginn. An do gong et scho stänneg Rieds iwwert „2020“... la „Vision 2020“. Esouwäit hat ech fir mëch nach kee Plan d'Action opgestallt... Es kommt erstens immer anders, zweitens als man man denkt!

Ech war ganz beandrockt an ageschüchtert, wéi mir gefrot goufen, an enger regionaler Versammlung vu Verrieder vun den eenzelnen Distrikter deelzehuelen, di sollten hieere Bäitrag zur „VISION 2020“ vum Land präsentéieren.

D'Vision 2020 gouf vum Gouvernement vum Rwanda ausgeschafft, fir d'Ziler festzeleeën, op déi d'Land an de nächsten 20 Joer soll histéieren. Si baséiert op 6 Piliere di sollen zum Wuestum a Woulstand vum Ruanda bäidroen, e Land wat wi gewosst no der Kolonialzäit a nom Völkermord vun 1994 an Trümmere louch, physesch, politisch a sozial.

D'Vision 2020 sollt vun der Bevölkerung matgedroe ginn an d'Energien dorobber verwend ginn, d'Ziler ze erreeschen, fir dem Rwanda en Opschwung an eng unerkannten Positioun op der Place mondiale ze verschafen.

An där Regionaler Versammlung am Joer 2010 ass mir du réischt richtig bewosst ginn, inwiefern d'Actiounen vun Amitié Am Sand Amizero sêch an dee „Plan d'action“ vun dem District vu Ruhango géingen abetten, an datt di politisch Responsabel op eis Zesummenarbecht géingen zielen, fir hier Zieler kënnen ze erreeschen.

Et ass sêcher, datt de Ruanda e visionäre Leader an hierem Präsident huet, deen ambitiéis Ziler verkierpert. Wi d'Journalistin Françoise Giroud an « La rumeur du monde » schreiw: „La politique, c'est cela: avoir une vision et agir pour qu'elle se réalise »

Wann di eege Ressource net duerginn, fir eng Aktioun z'ënnerhuelen, da müssen se enzueg aanescht gesicht ginn. D'Hëllef vun ONGD'en ze sichen ass dohier ee Moyen fir d'Zieler vun der Vision, d'Entwécklung vun de Kapacités an de Ressources humaines, z'erreeschen.

Ech hu mech oft gefrot, wéi di ambitiéis Objektivier sollten erreescht, geschweige dann evaluéiert ginn. Lo ass et esou wäit. Mir sinn am Joer 2020 an ech woe mol ze behaupten, datt ausser de Bill Gates nëmmen e Grapp Leit sèch dëse Scenario ausgeduecht haten, wéi en sech momentan ofspillt.

En onsiichtbare Géigner huet, nët nëmmen am Ruanda, de Visions 2020 global e Stréch duerch d'Rechnung gemach!

Säit Mäerz 2020 sinn d'Schoulen am Ruanda zou, an bis op weideres ass keng Rentrée virgesinn. An d'Moyene sinn, trotz „One Laptop per child“ (merci Här Gates) nach bei wäitem net esou, datt d'Education kann am „Homeschooling“ iwwert di nei Medien, Zoom, Teams, etc weiderlafen.

Kloertext:

De Ruanda wäert eng Generatioun vu Kanner mussen opfänken, di e Kalennerjoer net huet kënne vun enger qualitativ gudder Educatioun profitéieren, wat natiirlech fir d'Entwécklung vun de Kapacités an de Ressources humaines dramatesch ass. De Confinement an de couvre-feu maachen onbeschreiblech Kolateralschied. Keng Arbecht, kee Verdéngscht, keng Versécherung, keng Liewesmëttel. Ech mengen datt dat Bild wat ech hei molen, net iwwerdriwwe pessimistesches ass.

Elo wou de Ruanda vun der Vision 2020 ewesch schonns d'Visioun 2050 präsentéiert huet, ass dëst natiirlech dramatesch a weist alt erëm wéivill trotzdem dëst Land op international Ënnerstëtzung ugewisen ass, trotz rasanter Entwécklung a Wuesstum. An et weist awer och, a méngen Aen, datt et essentiell ass, eng Gronddiskussioun iwwert d'Käerwäerter vun esou enger Visioun ze debattéieren. Kann eng Entwécklung nëmmen anhand vun exponentiellem Wuesstum erreescht ginn? Inwifern mussen aner Wäerter wéi Räichtum, Woulstand an Investissementer e Virrang kréien? Mussen tatsächlech

di bestehend kapitalisch Modeller 1:1 kopéiert ginn, fir „datt et dem Land gutt geet“?

Dohier huet et mech gefreet, datt an der neier Visioun 2050 d'Definitioun vun de 'Wäerter, les „VALEURS“ mat an d'Zieler opgeholl ginn ass.

Ech sinn dohier nach ëmmer motivéiert, mäin Deel, wann och esou kléng, matzehëllefen, datt dës Visiounen dann och realiséiert kënne ginn. Eis Projeten, déi duerch är generéis Hëllef konnte bis elo emgesat ginn, ginn zu Ruhango an eisen Entrevue mat Responsable vum Distrikt ëmmer erëm gelueft a gewäertschätzt, an dës Dankbarkeet geet un lech!

„Une vision sans action n'est qu'une hallucination »... an eisen Deel Aktioun kënne mir nëmme mat Ärer Ennerstëtzung maachen.

Ech wëll just hoffen, datt dann 2050 nët alt nees e COVID-49 séng Ronnen zitt.

Wéi Dir wahrscheinlech gelies hudd, si mir wuel nach ëmmer motivéiert a voller Idealismus, an awer op der Sich no neiem Elan... E Comitésmember verléisst eis, sou datt mir elo nëmme mi nach zur Hallschent besat sinn! Et si nach 4 Plaatzen an eise Comité ze besetzen, an eise Comité ass op fir jiddereen, dee sëch beruff fillt, an dësem Sënn matzeschaffen.